Vë mer schon an der viruechter Sendung erzielt, Diddel. a schwéi'ren Zeiten 10. Mee 1940 I

— Den 1. September 1939 (iwerfällt) Hitler Deitschland Polen a léist domadde den 2te Weltkrich aus.
Den 3ten September erklären Frankreich an England Deitschland de Krich.
Den 27ten September kapituléiert Warschau an den Dag drop ass de Krich mat Polen eriwer.
Trotz deem "Blitzkrieg" wéi d'Preisen e genannt hun huet Deitschland awer 11 000 Gefaler an 30 000 Verwonnter ze bekloen.
De 17. September war och d'Sowjetunion an Ostpolen agefal.
Nodeem d'polnesch Gebitter ennert Russland an Deitschland opgedeelt sin ~~...~~ gëtt dem nach verbleiwenden Terrain e Generalgouvernement ennert Deitschland.
Den 6 Oktober proposéiert den Hitler de Franzosen an den Englänner déi eso festgesatzte Grenzen unzeerkennen an domadde wär dann och de Krich mat hinne fäerdeg. Des Propositioun gëtt awer resolut vu beede Länner ofgeleent an de Krichszoustand bleiwt bestoen.

Bis elo war nach net vill ze vill un de Westfronte geschitt. Do wo Deitschland a Frankreich gemeinsam Grenzen hun, am Lothringeschen an am Elsass leien Deitsch a Franséisch Truppe sech géigeniwwer. Ausser e puer Spähtruppen Kontakter an e besse Schéissen bleiwt et roueg.
Mir bei eis maachen Leit an Autoritéiten sech awer Suergen. Jiddereen stellt sech dëse Krich e bessen eso duer wéi de Krich 14-18. Frontlinien an déinen et Attacken a Conter-Attacke gëtt an dann awer mei grouss Fliegerugreff an Interventionen wéi Enn 1918.
Dofir goufen och schon zënter 1939 allerlee Luftschutzmoossnahmen gehaff, wéi Sand bereed halen, Luftschutzräim an Hëllef fir Verwonnter. Mir hate schon an de vergangene Sendungen iwwert des Preparatiounen geschwat an dass och d'Gemengenautoritéiten verschidde Kommissiounen an deem Sënn an d'Liewe geruff haten.
Elo kënnt nach fir Diddeleng eng weider Komponent derbäi. Diddeleng läit un der Franséischer Grenz a wann d'Preise versichen hei a Frankreich anzefalen läit Diddeleng direkt am Frontgebiet. Hannert de franséisch Linien läit d'Maginot Linn an déi hir Kanounen dann an d'Frontgeschéien agräifen. Vun deem eso ass krute

Nun de Beweis wéi de 17ten Oktober 1939 schon ons Grenzuertschaften, ~~wo~~ Souftgen, Kaufen a Wormeréng evakuéiert gouwen. Et huet also domools misse gerechent gin dass ët Diddeleng net laanscht eso eng Evakuéierung kéint kommen. Dofir schafft dunn ët déi an d'Liewe geruffe Luftschutzkommission Richtlinien aus fir eso eng eventuell Evakuéierung vun eisen Awunner. Mir zitéieren elo desen Text in Extenso, fir kennen sech haut no bal 60 Joer e Bild ze machen ~~an Erënnerung ze ruffen~~ wéi primitiv an onrealistesch sech ons Autoritéiten eso eng Evakuéierung virgestellt hun a wéi gesinn an nächste Sendungen wéi ët a Wirklechkeet ganz anescht gaangen ass. Hei elo den Text:

Die Luftschutzkommission trifft bereits jetzt alle Vorkehrungen, damit für den Fall, wo eine Evakuierung der Bevölkerung unumgänglich notwendig wird, der Abtransport sich reibungslos abwickeln kann. **Diese Vorbereitungsarbeiten bedeuten nicht, dass diese Massnahmen auch zur Ausführung gelangen müssen.** Sie sind vielmehr eine Vorbereitung auf den schlimmsten Fall und sollen die Evakuierungsmassnahmen unter möglichst günstigen Bedingungen gewährleisten. Aus diesem Grunde wird allen Einwohnern, **Ruhe und Besonnenheit** anempfohlen, um jede Panikstimmung zu vermeiden.

Die zu evakuierenden Einwohner sollen nur die zu ihrem persönlichen Gebrauch erforderten Kleidungsstücke und Gegenstände mitnehmen. Ein jeder soll demgemäss folgendes bereithalten :

Warme Kleidungsstücke nebst Mantel,
Hemden (mindestens 2) und Unterwäsche; Pyjama oder Nachthemd (2)
Strümpte (mindestens 4 Paar) und Schuhe (womöglich 2 Paar)
Taschentücher (mindestens 6)
Handtücher (4) nebst Toilettenartikeln;
für Männer, Bartzeug; für Frauen, Flickzeug (Nadel, Zwirn, Scheere, Garn usw.)
Tischbesteck (Löffel. Gabel, Messer) Teller und Trinkbecher;
Nahrungsmittel für mindestens 3 Tage;
Einen Schlafsack oder eine warme Decke.

Bereitzustellen ist von jedem zu evakuierenden Einwohner eine Matratze nebst Kopfkissen, sowie 2 Kopfkissenüberzüge, 4 Bettücher nebst Decken und Duvet. - - -

Eso weit den Text vun der Luftschutzkommissioun.

Desen Text an d'Nowillen am allgeméngen bréngen d'Leit natierlech an eng gewëssen Opreegung. Et geet jo och net duer dass een all dës Artikelen nemme bereet hält et muss e se jo och am schlëmmste Fall mathuelen. 1940 stungen d'Valisen an d'Reeskierw nach net eso am Buttek wéi haut. Wien hat iwerhaapt schon doheem eng Valise oder Reeskuerw an deem all dës Artikele kéinte verstaut gin. An dann wat hun deemols eso Valise kascht. An enger Zäit a voller Crisis, wien ka sech eso Reesutensilien leeschten déi jo flegt iwerhaapt net gebraucht gin. Et wäre vill aner méi wichteg Artikelen ze kafen an emol virun allem de notwendege Kascht.

Trotzdeem hun d'Leit sech recht a schlecht op eso eng Evakuéierung virbereet. Rollueldegurt ass kaft gin, deen dann un e Sack gebitzt ass gin an eso e Rucksak entstanen ass.

Muer Leit hu sech eng aus Rett geflechte Valise kaaft, déi deemols an Mod waren a vill méi bëlleg wéi eng richteg Reesvalise oder Reeskoffer. Zudeems waren des Streevalisen méi liicht wéi esou e Reeskoffer a schliisslech hu se och musse gedroe ginn. Well keen hätt sech awer d'Evakuéierung esou virgestallt dass jidderéen viru sengem Haus mat senge Koffere géing opgestallt, an dann bei Familien oder Bekannter an d'Éislek per Auto oder Päerdswon gefouert géif ginn. Des Streevalisen haten als Verschluss zwou Iwwerfalen duerch déi eng Holzstang gestach gouf an um Enn, mat engem Kläuschter zougespaart.
Dann Verschidden Camionen a Camionetten vun de Mëllechhändler, Entrepreneuren a Geschäftsleit sin esou agericht ginn dass se am Notfall och als Sanitéitswon fir den Transport vu Kranker a Verlëtzter agesat wieren.
Esou hun Leit gewaart, sech virbereed a gehofft dass et net zu esou Krichszeiten fir Diddeleng géif kommen.
Leider kum den 10te Mee 1940 an éier mir domadder ufänken eng kuerz musikalesch Ënnerbriechung.

Den 10te Mee 1940 brécht dann déi zwar geféierten awer net erhoffte Katastroph iwwer ons westlech Länner eran. Esouwuel lokal wéi och national Historiker hun iwwert dëse pirsche Kreeg Fall geschriwwen. Interessant Detailler iwwert déi eenzel Stonnen wéi och iwwert déi éischten Deeg sin heiranner ze fannen. Och wann net ëmmer all entspriechend Explikatiounen iwwerteneen stëmmen. Dofir welle mir an dësen an an den nächsten Reportagen kéng méi historesch Fakten opstellen a beliichten. Mir welle just e Réckbléck an Erënnerungen un dës fir d'Bevëlkerung net gléckléch Zeiten ginn, ouni an zevill ausféierlech a präzis Detailler ze goen. Virun allem awer interesséiert ons hei Diddeleng. Mir hate schon ënnerstrach dass no engem Arrêté ministériel vum November 1939 d'Südgemengen esougenannten "Biergerwieren" missen opstellen. Hir Bezeechnung war "Garde Civique". Den 9te Mee owends um 10 Auer hun 2 vun dëse Männer hiren üblichen Rondgang ugetrueden. Um 1/2 2 kritt Permanence en Telefon Uruff wo et heescht: Däitsch Truppen wären a Belgien agefall. Doerëmmer hun kaen d'Douanieren um

e véirel op 3 den Verder dei gepanzert Park an de Wuermerenger Strooss entgülteg
zou ze machen. Dat war ing vun deenen 16 gepanzerte Parten déi laanscht d'franséisch-
lëtzebuergesch Grenz stungen. Laanscht déitsch lëtzebuergesch Grenz waren et der 46. Wann
den Sperrbiewel bis agesloe war konnt ee Park nemmen nach mat engem speziale
Schlëssel opmachen. Dës Schlësselen ware bei de Gendarmerie's Kommandanten.
De ~~Co~~ Mellechhändler Conrad's Ugène mat sengem Jong de Jhèng fuhren den 10te Mee
wé all Wochendags muerges op Bëtebuerg bei Cellula Mellech ricken. Op der Bëtebuerger
Stross virun der Eisebunnsbréck gi si zu hiren aller gréisster Iwwerraschung vun déitschen
Zaldoten a Kriegsausrüstung ugehalen a si mussen zeréck op Diddeleng fuhren.
Sie bréngen also d'Noriicht vun den éischten Truppen op lëtzebuerger Buedem ~~op~~
Diddeleng. Och d'Schmelzarbechter déi vu Bëtebuerg op d'Fréischicht kommen
bréngen d'Noriichten vum déitschen Iwwerfall an ous Ortschaft.
Effektif waren déitsch Flieger ~~bei~~ an de Wiese bei der Cellula geland. Eenzelheeten an dëser
Iwwerriwwer fënnt een an de Bicher vun ouse lokal Historiker. Mir liesen bei fest
dass et 5 Fiseler "Storche" woruner een eng Bruchlandung gemaach hat an dofir vu
senger Besatzung a Brand gestach gouw. Ursprünglech waren dës Flieger als Rees a
Polizeiflieger geduecht. Am Kader vum Hitler senger Kriichsvirbereedungen gouwe se
awer vum Militär benotzt fir Infanterie a bestëmmte Gegenden a fir bestëmmte
Missiounen ofgesehen. Dës 5 Flieger hun zum dem "Luftlandekommando Heddewel"
geleiert an hir Missioun war bestëmmte strategesch Punkten am Süden vun ousem
Land ze besetzen fir eventuellen franséischen Stroumtuppen zevirgekommen an de Wé
fei ze halen fir déi noréckend Infanterie. D'Landung an de Wiese bei der Cellula um 5 Auer
war geduecht fir Strossekreizung bei der Eisebunnsbréck am Bann vu Bëtebuerg ze
besetzen an esou wann notwendeg de Wé dé vun Diddeleng Wuermereng kënnt an an
d'Stadt féiert ze ennerbriechen ~~spären~~ z. Zwé d'Zaldoten leien och mat hier Waffe riets a lénks
vum Wé an an drecken riicht e Maschinegewier op dem Flachen Dag vun der Cellula op.
De ~~Ceb~~ schwachen zivile Verkéier gëtt awer net gestoppt an och den Zuch vun Diddeleng rez. Esch
ka weider duerch de Réserbann an d'Stad fueren.
Bei Bëtebuerger Lüt, genau vu den Heiser bei der Cellula, ass wahrscheinlech dese ganze

Loftlande a Militär Manöver net entgaangen an och déi Bëtebuerger Polizei gëtt alarméiert. Souwuel d'Gendarmen wéi och Polizisten fanne sech bei der Bréck bei der Cellule an sen hun och séier hire Protest de preisesche Zaldoten ob däitsch gesot esou wéi se se ~~ge auswendeg geléiert hat~~ virgeschriwwe war a wéi se se och sécher auswenneg geléiert haten: Hei den Text:

"Ich mache Sie darauf aufmerksam, dass Sie sich hier auf luxemburgischem neutralem Gebiete befinden. Zufolge Befehl der grossherzoglichen Regierung sind sie aufgefordert, diesen neutralen Boden zu verlassen."

Ob d'preisesch Zaldoten heiriwwer gelaacht oder nëmme gegrinst hunn hunn d'Historiker net iwwerliwwert, lediglech dass ons Gendarmen an d'Polizisten hir Waffen ofgeholl kruten an heem geschéckt gouwen.

Well d'Detailer an de Berichte vun ~~dësem~~ Muergen vum 10 Mee am Raum Bëtebuerg/Diddeleng net genau iwwertenee stëmmen, zitéiere mir de Passage aus der Düdelinger Chronik Band II

„Als gegen 7 Uhr die ersten deutschen Soldaten vorsichtig in die Stadt eindringen, sind die Düdelinger schon seit Stunden auf diesen Anblick vorbereitet. Vorerst wirkt der gefürchtete Einzug keineswegs schreckenerregend. Die ersten dreißig Deutschen stehlen sich förmlich in die Stadt hinein und schleichen an den Häuserfronten entlang, während ein Krad mit zwei Mann Besatzung bis ans luxemburgische Zollhaus (Greisendahl) an der Grenze vorstößt. Auch diese Aufklärer benehmen sich unauffällig und fahren, nachdem sie sich kurz umgesehen haben, zur Stadtmitte zurück. Sie entgehen mit knapper Not einer Begegnung mit dem Feind, denn eine Viertelstunde später bezieht ein französischer Vorposten von fünf Mann „Gardes Mobiles" das französische Zollbüro. Unterdessen entwickelt ein deutscher Stoßtrupp regsame Tätigkeit: im Walde gegenüber dem Blechwalzwerk Greisendahl wird Stellung bezogen, Minen über die Straßen (einschließlich der Bürgersteige) gelegt und die Fahrbahn durch Drahtverhau abgesperrt. Dann ziehen die Soldaten des Dritten Reiches sich wieder zur Stadtmitte (Stadthaus, Post- und Bahnhofviertel) zurück. Stunden später, gegen 10 Uhr vormittags, besetzen unter dem Jubel der Bevölkerung französische Kavallerie und motorisierte „Poilus" das Hochofenviertel."

Doch das unaufhörliche Kreisen von Flugzeugen sowie die rege Flaktätigkeit trägt zur Verwirrung der Bevölkerung bei. *166, 351-388*

Och op der Schmelz kennen dei Responsabel net mache wé wann neischt geschitt wär, zemools well schon géingt 7 Auer däitsch Truppen bis an de Freisendal kom waren.
Et gett also gleich op der Fréschicht décidéiert d'Schmelz net mei schaffen ze lossen.
Virsichtshalwer kréien d'Arbechter hir normal Abrël Pay an ausserdem vir en eventuellen Notfall wéi d'Evakuéierung e Lounvirschoss vu 600.Fr fir dei Bestueten an 400.-F fir d'Jongesellen. D'Beamten kruten ~~d~~ d'Pay vun 2 Méint. Anscheinend louchen d'Paytuten schon am viraus virbereed, gin zur Verdeelung parat. ~~et~~ E Beweis och dass praktesch ké mei un seriös Kampfhandlungen tëschent däitschen a franséischen Militärtruppen gezweiwelt huet.
Bis Mëttech war et vun d'Schéissen ofgesinn ~~net~~ relativ ~~r~~ roueg an der Uertschaft ausser dass franséisch Zaldoten a Gefierer periodesch op de Strosse waren.
Den Emy Thiel schreiwt a sengem Buch Diddelingen im 2. Weltkrieg. "Obschon déi däitsch Truppen vum Luftlandekommando Hedderich scho virum Sonnenopgang Stellungen am südlechen Deel vu Budersberg opgeriicht hätten, hätten d'franséisch Unitéiten eréischt no 9 Auer d'Erlebnes kritt fir op letzebuergeschem Buedem virzestoussen.
Et dauert dann nach bis no 10 Auer ier déi éischt "Poilus" vun der 5ter Brigade de Cavalerie vum General Maillard d'Grenz passéieren an ~~d~~ d'Koppen vum Gënzebierg a Kräizbierg besetzen. Wéi déi däitsch Truppen ~~dorty~~ déi bis an de 'Freisendal' kom waren, dëst gesin hun, hätte sie sech an den nord-oestlechen Deel vun Diddeleng zeréck gezunn."
Kuerz virun Mëttech kommen dann franséisch Einheeten vu Wuermereng aus ~~iwer~~ iwert d'Grenz a besetzen de Schmelzer Quartier an den Deich.
D'Franzosen gin stiirmech vun de Schmelzer Quartier's Leit als Befreier gefeiert.
Gleichzeiteg fänkt ~~un~~ elo un d'Kanounen aus der Maginot Linn Molvange an Diddeleng eran ze schéissen.
Emmol de Leit dei nach an de Stroosse waren, entstinn och gleich dei éischt Ziwil Affer.
De Gemengerat deelt elo offiziell mat dass Diddeleng geraumt muss gin.
Wé et weider gung an onser nächster Sendung